***Compte Rendu vun der Kulturkommissiounssëtzung vum 30. Abrëll 2025 um 19h00 op der Gemeng zu Wëlwerwolz***

| | |
|---|---|
| Präsenzen: | Yves Kaiser, Jos Fischbach, Antoinette Lutgen-Lentz, Paul Poncin, Christian Schmit |
| Ofgemellt: | Patrick Bormann, Maurice D'Incau |

---

## 1. Skulptur « Lily a Pit »

D'Skulptur vun de Scouten op der Vëlospiste zu Wëlwerwolz ass an engem ganz schlechten Zoustand. D'Scoute wëllen sech net méi drëm këmmeren, spréch mir kënnen domat maache wat mir wëllen. D'Decisioun gouf geholl fir se wechzerappen. De Schäfferot këmmert sech drëm. Just d'Plack mat der Opschrëft „Lily a Pit" soll gehale ginn.
Dono soll d'Skulptur nei opgebaut ginn, virzuchsweis mat Stole Komponente vum Schrott an dat an enger änlecher Form wéi se aktuell ass. Déi al Plack soll rëm bei d'Skulptur montéiert ginn.

## 2. Projet QR-Code

De Christian hutt eng Lëst vu potentielle Sehenswürdegkeete präsentéiert, wou een e QR-Code kinnt dobäi setzen. An der Kommissioun goufen eng Partie Site vun där Lëscht rausgesicht, mat deenen ee kinnt ufänken, dorënner: d'Schüttbuerg, d'Bomm, d'Hexekapell, …
Den Naturpark kann d'Schëlder designen an och produzéieren. D'Gemeng géif d'Kästen iwwerhuelen. Mir géife mat de QR-Coden op eng Säit vum SIK verlinken an dann, no Bedarf, vun do aus weider op eng aner Säit weiderleeden. Sou mussen d'QR-Coden net nei gemaach ginn, wa mol e Link ännert.

## 3. Projet Hausnimm

Déi al Hausnimm sënn all bekannt. Et gëtt lo mol engt Schëld designt a produzéiert. Wann dat fäerdeg ass, schécke mer e Courrier un déi betraffe Lekt. Sou gesinn d'Lekt wéi d'Schëld ausgesäit an hieren Hausnumm ass, a kënne sech dann entscheeden. Déi Lekt déi e Schëld wëlle, kënnen dann engt bestellen.
All d'Detailer sënn nach net gekläert. Mir beschwätze weider Detailer an der nächster Kommissioun.

## 4. Ausflug 2025

Mir hu festgehalen, de 14.09.2025 op de Fonds de Gras ze goen. De Paul freet d'Detailer no, ob et deen Dag iwwerhaapt geet a wéi den Transport dohinner kinnt ausgesinn.

## 5. Divers et prochaine réunion

- De Serge Zenner hutt sech aus der Kommissioun raus gemellt.
- De Feedback iwwert d'Konferenz iwwert d'Ardennenoffensiv ass ganz positiv!
- Den Alwin Geimer hat gefrot fir eng Konferenz iwwert d'Fléizen ze organiséieren. Fir den Ufank wäert hee mol en Artikel an de Buet schreiwen. An 2 – 3 Joer evaluéiere mer nach eng Kéier ob et och Sënn mécht eng Konferenz ze organiséieren.

- Als letzte Punkt gouf iwwert d’Prozedur diskutéiert wéi en Datum fir d’Kommissioun festgeluecht gëtt. Mir hu festgehalen, datt mir dat sou maache wéi am Règlement virgesinn: de Präsident schéckt mindestens 2 Wochen am Viraus eng Invitatioun mam Datum raus.

Äischer, de 4. Mee 2025

**Christian Schmit**

Präsident

**Jos Fischbach**

Sekretär